ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09. Abrëll 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister an un d'Madamm Minister fir Famill an Integratioun weiderzeleeden.

Eng Rei vu Ministèren an Administratiounen hu Relatioune mat der ASTI (Association de Soutien aux Travailleurs Immigrés), wou vun verschiddener och méi en offizielle Charakter hunn, z.B. duerch Agrémenten, Konventiounen oder aner vertraglech Obligatioune. Et wär doweinst interessant en allgemengen a kompletten Iwwerbléck iwwert déi finanziell Relatiounen tëschent dem Staat an der ASTI ze kréien.

Doweinst wéilt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Wéi eng finanziell Ënnerstëtzungen (an egal wéi enger Form) oder aner geldwäert Virdeeler oder Leeschtungen kritt d'ASTI am Budgetsjoer 2021 vum Lëtzebuerger Staat (inklusiv duerch Fräistellung vu Personal, Zur-Verfüge-Stelle vu Gebaier a Gefierer, aner Zerwisser)? Wéi eng legal Grondlage gëtt et fir dës Leeschtungen am Eenzelen a wéi si se motivéiert? Wéi eng Ministèren, Administratiounen oder Zerwisser si staatlechersäits betraff?
2. Wéi hu sech déi verschidde staatlech Zouwennungen a Leeschtungen (an egal wéi enger Form) un d'ASTI vun 2012 bis 2021 entwéckelt? Kann d'Regierung dat pro Budgetsjoer opschlësselen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten